No dëser Decisioun ass awer am Gedanke fir laangfristeg an orientéiert an d'Richtung vun ecologesch valabele Léisungen ze handelen, decidéiert ginn en Architektbüro mat der Ausaarbechtung vun engem Konzept fir d'Erneuerung vun der Ausseverkleedung um Gebai vun deem Rieds ass ze beoptragen. Dëst soll eng Sanéierung an d'Ëmsetzung vun der Verbesserung vun der Energieeffizienz virgesinn mat de Moosnahmen vun enger thermescher Isolatioun vum Plafong um ieweschte Stack, der thermescher Isolatioun vun de Façaden, der Realisatioun vun enger dezentraler Entlüftung, dem Asetze vu neie Fënsteren (Aarbecht déi schonn ofgeschloss ass), an, op laang Sicht, d'Verbindung op Distanz un d'Heizungsnetz am Kader vun der neier Schoul.

Am Moment gëtt proposéiert déi dräi éischt genannte Moosnahmen ëmzesetzen, unhand vun engem opgeronnenen Devis vun 250.000€ (all Taxen an Honoraire mat abegraff). Et ass festzehalen, dat d'Realisatioun vum Projet engersäits eng beachtlesch Reduktioun vun den Heizkäschte mat sech bréngt, an awer och eng net onwiesentlech Reduktioun vum CO2-Ausstouss, wat mat sech bréngt, dat de Projet staark vun de stattlechen Instanze subventionéiert gëtt.

Decisioun: Den Devis ass eestëmmeg ugeholl ginn.

2. Schoulorganisatioun: Decisioun iwwert d'Organisatioun an der Grondschoul fir d'Schouljoer 2012/2013

Den Detail kënnt dir am Schoulbuet noliessen.

Decisioun: D'Organisatioun ass ugeholl ginn.

Jo: 7 Stëmmen | Nee: 3 Stëmmen (Claude Bosseler – CSV, Armand Kariger – CSV, Carlo Neu – CSV)

3. Konventioun tëscht dem lëtzebuerger Staat an der Gemeng Dippech iwwert di finanziell Bestëmmungen an d'Funktionéieren vun der Maison Relais zu Schuller fir 2012

Dës Konventioun déckt d'Periode vum 1. Januar 2012 bis zum 31. Dezember 2012 of a gesäit detailléiert Bestëmmungen iwwert d'Funktionéieren an di finanziell Gestiou fir, besonnesch wat d'Onkäschtebedeelegung vum Staat ugeet.

Decisioun: D'Konventioun ass eestëmmeg ugeholl ginn.

GEMENGEROT

Bericht vun der Sëtzung vum 19. Juni 2012

4. Verpachte vu net bebauten Terraine vun der Gemeng Dippech. Entscheedung iwwer d'Unhuelen vun 2 Zousätz a Verbindung mat de Pachtverträg déi am Gemengerot vum 23. Dezember 2011 ugeholl goufen

Den 23. Dezember 2011 huet de Gemengerot decidéiert fir d'Pachtverträg betreffend d'Verpachte vun net bebaute Gemengenterraine fir weider 9 Joer ze genehmegen. Et bleift ze bemierken dat 2 Pachtverträg betreffend Terrainen déi nei verpacht goufen nodeems dat se kierzlech vun der Gemeng kaaft goufen, deen een mat dem Här Roland BARTHELMY an deen anere mat dem Här Marc EMERING, speziellen Notzungskonditiounen ënnerleien, well déi besoten Terrainen ekologesch wäertvoll sinn, am Sënn vum europäesche Programm LIFE+ op Grond vun deem des Akeef subventionéiert goufen.

Des speziell Dispositiounen sinn an 2 Zousätz vun de Pachtverträg festgehal déi vum Gemengerot genehmegt musse ginn.

Decisioun: Di 2 Zousätz sinn eestëmmeg ugeholl ginn.

5. Verschiddenes

Näischt

De Buergermeeschter mécht d'Sitzung zou.

GEMENGEROT

Bericht vun der Sëtzung vum 16. Juli 2012

Present:

Ady Hahn (LSAP), Buergermeeschter

Max Hahn (DP), Romain Haas (LSAP), Schäffen

Jean-Paul Bleser (LSAP), Arsène Berger (DP), Gaston Braun (LSAP), Manon Bei-Roller (LSAP), Claude Bosseler (CSV), Carlo Neu (CSV), Armand Kariger (CSV), Benoît Theisen (CSV), Konselljeeën

Claude Elsen, Sekretär

Entschëllegt:

Keen

DAGESUERDUNG

A) Geheimsëtzung (17:30 Auer)

- 1. Nominatioun op een nei geschafene Salaria's-Posten an der Carrière D. Dëse Vollzäit-Posten, op ee Joer begrenzt, soll e Congé de Maternité mat uschlëssendem Congé parental ersetzen**

No der Publikatioun vun dem genannte fräie Posten, konnten etlech Kandidature entgéint geholl ginn. Et gouf eng Lëscht opgestallt mat den zoulässege Kandidaten, aus deenen de Gemengerot eng Persoun benenne soll.

Decisioun: Beim geheime Vote ass d'Madame Anouck WEILER fir dëse Posten nominéiert ginn.

B) Öffentlech Sëtzung (17:40 Auer)

1. Urbanismus

- 1.1. Neie Bebauungsplang (PAG) vun der Gemeng Dippach, no der kompletter Erneuerung vum ale Plang, entsprechend der aktueller Gesetzgebung – Meenung vum Gemengerot zu de Reklamatiounen déi nom definitive Vote vum 13. Abrëll 2012 des-bezüglech agereecht gi waren**

Nom definitive Vote vum PAG, goufen deem-bezüglech dräi Reklamatiounen beim Inneministère agereecht.

De Gemengerot grad wei och "d'Commission d'aménagement" vum Ministère sinn elo opgeruff, hire Standpunkt zu den agereechte Reklamatiounen ze äusseren. Et gëtt virgeschloen, datt de Gemengerot sech der Meenung vun der "Commission d'aménagement" uschlësst, betreffend

de Prinzip betreffend, fir dem Minister ze proposéieren de Kloen net Rechnung ze droen.

Et gëtt awer och proposéiert nach emol um Ufank vum Avis festzehalen, datt de Gemengerot et onëmgänglech fënnt, dass d'Gemeng misst d'Méiglechkeet kenne behale fir um Niveau vun der Bevëlkerung a raisonnabele Limitten ze wuessen, besonnesch well et schéngt dass déi opgefouert Grondstéck-Reserve réischt no engem längeren Zäitraum an op kee Fall schonn direkt kéinten erschloss ginn.

Decisioun: D'Propositounen sinn eestëmmeg ugeholl ginn.

- 1.2. Projet vun engem Bebauungsplang zu Betteng/Mess, op der Héicht vun der Dippacher Strooss, lieu-dit „Kettemeschbierg“, virbruecht vun der Gesellschaft Beausite Bettange s.a., betreffend d'Schafe vun 12 Parzelle virgesi fir de Bau vun 12 Eefamilljenhaiser, déi deelweis jumeléiert sinn. - Decisioun betreffend en zweeten Avenant zum Ofkommen tëscht der Gemeng an dem Promoteur, dat approuvéiert gouf den 21.5.2012 an d'Modalitéite festleet déi ze beuechte sinn bei der Ausféierung vum Projet**

Et gëtt proposéiert Dispositiounen vun engem éischten Avenant, deem den 20 Juni 2011 vum Gemengerot zougestëmmt gi war, duerch folgenden Text ze ersetzen fir den Entretien op eng onwidderrufflech Manéier ze regelen, betreffend d'Anlag déi d'Offlësse vum Reewaasser soll garantéieren laanscht den Trottoir vum besootem PAP.

„D'Gemeng akzeptéiert d'Aféierung vun enger Servitude iwwert Terrainen geleeën un der Dippacher Strooss iwwert eng Breet vun 3 Meter laanscht dem Trottoir, op 11 Parzellen, déi ënnert de Kadaster-Nummern 125/2231 bis 125/2241 vun der Dippacher Gemeng, Sektoun B vu Betten, agedroe sinn. Dës Servitude gëtt och akzeptéiert vun dem den dës Konventioun matt ënnerschreift.

En Ooffloss-System vir d'Reewaasser, den ënnert anerem aus engem Gruet besteet den Funktioun huet d'Reewaasser zeréckzehalen, gouf op den besooten Grondstécker installéiert. All Proprietär vun den uewen ernimmte Parzellen ass gehalen d'Iwwerfläch vum Gruet, deen zu senger Parzell gehéiert, a guddem Zoustand ze halen. Am Fall wou den Ënnerhalt vun deene gesoten Grief vernoléisst sollt ginn, schéckt d'Gemeng Dippach eng Mahnung per Bréif un de concernéierte Proprietär

GEMENGEROT

Bericht vun der Sëtzung vum 16. Juli 2012

fir dësen opzefuerderen d'Situatioun an d'Réi ze brengen. Nämmecht gëtt gehandelt falls déi Grief vum Proprietär beschiedegt ginn. Wann dat néidegt Resultat ausbleiw, huet Gemeng d'Méiglechkeet déi néideg Aarbechten duerchzeféieren, respektiv se vun engem Fachmann op Käschte vum Proprietär duerchféieren ze loossen. D'Personal dat vun der Gemeng beoibragt ass, solch Kontrollen, Ënnerhaltung-Aarbechten oder Reparaturen duerchzeféiere mussen zu all Ablack, op einfach Ufro, fräien Zougang zum Gruel kréien.

Bei all Verkaf vun enger vun de Parzellen déi vun dëser Servitude betraff sinn, muss de Verkeefer de Keefer op d'Konditiounen vun dëser Servitude opmierksam maachen an en opfuerderen dës Verflichtung ze respektéieren."

Decisioun: De gesoten Avenant ass eestëmmeg ugeholl ginn.

2. Uschafe duerch d'Gemeng vu Grondstécker mat grousem ekologeschem Wäert am Kader vum europäesche Programm LIFE+ - Decisioun betreffend Zoustëmmung vun engem dees-bezügleche Compromis betreffend Grondstécker, déi der Kierchefabrik vu Schuller gehéieren, geleeën zu Schuller op de „Sauerwiesen“ an „In der Starkerd“

Et gëtt proposéiert dësem Compromis zouzestëmmen, betreffend de Verkaf un d'Gemeng vu Grondstécker mat enger Gesamtfläch vun 58,95 Ar, ëmsou méi well des Uschafung gréisstendeels vun der UE an dem Staat subventionéiert geet. Well et sech ëm eng Transaktioun mat der Kierchefabrik handelt, ass, respektiv gëtt de Gemengerot, vum Gesetz hir, opgefuerdert seng Meenung betreffend Verkaf-Decisioun vun dëser Arichtung ze äusseren. An enger Optik vun administrativer Vereinfachung, gëtt proposéiert sech elo schonn an dësem Kontext favorabel auszuschwätzen, fir eng nei Decisioun an noer Zukunft ze vermeiden.

Decisioun: D'Propositioone sinn eestëmmeg ugeholl ginn, ënnert dem Virbehalt ze préiwen op d'Grondstécker vum lieu-dit „In der Starkerd“ net mat ageplangt sinn am Projet vun der Emgehungsstrooss vu Käerjeng.

3. Ofkommenes tëschent dem lëtzebuerger Staat an der Gemeng Dippech am Kader vum Bäitritt an de „Pacte Logement“

D'Dippecher Gemeng ass dem „Pacte Logement“ bäigetrueen, duerch en Ofkommenes zwëschen dem Staat an der Dippecher Gemeng, entspriechend der Decisioun vum

Gemengerot vum 18. Dezember 2008. No enger Aktualiséierung vun den Bevëlkerungszuelen an eiser Gemeng fir d'Joren 2007 an 2008, duerch d'Servicer vum Logements-ministère an dem SIGI, muss d'Ofkommenes un di nei Zuelen ugepasst ginn, wat fir eis Gemeng awer leedeglech eng minimal Upassung bedeit.

Decisioun: Den Avenant ass eestëmmeg ugeholl ginn.

4. Gemengesteieren

4.1. Festleeë vum Grondsteiersaz fir d'Joer 2013

D'Gesetzesbestëmmung vum „Pacte Logement“ gesinn nei Besteuerungskategorië vir. Fir eng perfekt lwwerteneestëmmung tëschent dem ale System, wei en ëmmer vum Rot festgeluecht ginn ass, an dem neie System bäizebehale, gëtt proposéiert déi folgend Steiersätz zeréckzebehale ënnert Berücksichtegte vun deenen neie Kategorien: A: 240%; B1: 370%; B2/B5/B6: 240%; B3/B4: 130%.

Decisioun: Di proposéiert Steiersätz sinn eestëmmeg ugeholl ginn.

4.2. Festleeë vum Handels-Steiersaz fir d'Joer 2013

Virschlach: 270 %.

Decisioun: De proposéierten Steiersaz ass eestëmmeg ugeholl ginn.

5. Verschiddenes

De Buergermeeschter mécht d'Sëtzung zou.

GEMENGEROT

Bericht vun der Sëtzung vum 10. Oktober 2012

Present:

Ady Hahn (LSAP), Buergermeeschter

Max Hahn (DP), Romain Haas (LSAP), Schäffen

Jean-Paul Bleser (LSAP), Arsène Berger (DP), Gaston Braun (LSAP), Manon Bei-Roller (LSAP), Claude Bosseler (CSV), Carlo Neu (CSV), Armand Kariger (CSV), Benoît Theisen (CSV), Konselljeeën

Claude Elsen, Sekretär

Entschëllegt (fir de Punkt A):

Jean-Paul Bleser (LSAP), Konselljee

DAGESUERDUNG

A) Geheimsëtzung (18:00 Auer)

1. Surveillance am Schoultransport – Nominatioun vum Personal dat sech ëm d'Surveillance këmmert an de Busser déi den Schülertransport an der Dippecher Gemeng fir d'Schouljoer 2012/2013 iwwerhuelen

D'Nominatiounen sinn gemaach ginn op Basis vun de Kandidaturen déi d'Gemeng erakritt huet fir déi 4 Surveillance-Posten am organiséierte Schoultransport.

Decisioun: D'Nominatiounen vum Gemengerot sinn déi folgend:

- Bus 1: Dippach, nominéiert gouf d'Madame SCHMIT Yvonne
- Bus 2: Betteng, nominéiert gouf d'Madame Laura JENTGEN
- Bus 3: Schuller, nominéiert gouf d'Madame SCHULLER Tania
- Bus 4: Sprengel, nominéiert gouf d'Madame THILL Margot

B) Ëffentlech Sëtzung (18:15 Auer)

1. Schafe vun engem Fonctionnaire-Redaktesch Poste fir den techneschen Déngscht vun der Dippecher Gemeng

Bedéngt duerch den stänneg wuessenden Aarbechtswolumen am techneschen Déngscht, gëtt proposéiert en Redaktesch-Posten ze schafe fir d'Equipe ze verstärken. Dëst misst erlaaben op zukünfteg Situatiounen ugemiessen reagéieren ze kennen.

Decisioun: De Poste gouf eestëmmege accordéiert.

2. Aarbechtskontrakter

2.1. Aarbechtskontrakt tëschent der Gemeng an der Persoun déi den nei geschafene Salariés-

Posten an der Carrière D, soll iwwerhuelen, Vollzäit beschäftegt an op begrenzten Zäit vun engem Joer, (fir en Congé de Maternité mat uschléissendem Congé Parental ze ersetzen)

Eng Rei Kandidature ware rakkomm nodeems den uewen ernimmte Poste publizéiert gi war. Aus enger Lëscht vun gültege Kandidaturen, huet de Gemengerot de 16. Juli 2012 d'Madame Anouck WEILER fir dëse Poste nominéiert. Dem Gemengerot gëtt proposéiert hirem Aarbechtskontrakt zoustëmmen.

Decisioun: De Kontrakt ass beim geheime Vote eestëmmege ugeholl ginn.

2.2. Aarbechtskontrakt tëschent der Gemeng an deene Persounen déi den Schoultransport vum lafende Schouljoer 2012/2013 an der Dippecher Gemeng iwwerwaachen

D'Aarbechtskontrakter déi tëschent dem Schäfferot an den Persounen, déi dësen Dag nominéiert gi sinn fir d'Surveillance am Schoultransport vum Schouljoer 2012/2013 ze iwwerhuelen, mussen dem Gemengerot zwecks Zoustëmmung ënnerbreet ginn.

Decisioun: D'Aarbechtskontrakter sinn vum Gemengerot beim geheime Vote eestëmmege ugeholl ginn.

3. Schoulorganisatioun: Besetze vu Posten mat Personal dat ab oder fir d'Schouljoer 2012/2013 nei an der Dippecher Gemeng affectéiert gouf

Entspreechend dem aktuelle Schoulgesetz, ass et noutwennege datt de Gemengerot déi Posten déi an der Gemeng frësch besat gi fir oder ab dem Schouljoer 2012/2013 bestätegt. Et handelt sech ëm folgend Posten déi wei néidege publizéiert gi waren:

1. Zyklen

- D'Madame Mariette Feipel kritt zu 75% vun enger voller Tâche en Surnuméraire-Posten zougedeelt,

Zyklen 2-4

- D'Madame Nadine Hentges kritt en Vollzäit Surnuméraire-Posten zougedeelt.
- D'Madame Christiane Einhorn kritt en Vollzäit Surnuméraire-Posten zougedeelt.
- D'Madame Martine Emeringer kritt en Vollzäit Surnuméraires-Posten zougedeelt.
- D'Madame Liliane Majerus kritt en 16 Stonnen-Woch Surnuméraires-Posten zougedeelt.
- D'Madame Catherine Folmer kritt en 12 Stonnen/Woch Empfangsposten souwéi en 8 Stonnen/Woch Surnuméraire-Posten zougedeelt.

GEMENGEROT

Bericht vun der Sëtzung vum 10. Oktober 2012

Decisioun: Eestëmmeg Besätegung vum Gemengerot.

4. Immobilientransaktiounen

4.1. Dippecher Gemeng huet Terrainen, déi de Bedeelegten Jung gehéiert hunn, geleeën zu Schuller, « Bei Schummesheck », « Beim Bergerbusch », « In der Leschkaul », « Bitschenheck », « Sauerwiesen », « Erbenbusch » an « Hegerbusch » opkapt am Kader vu kompensatoreschen ëmweltënnerstetzende Mesuren am Kontext vum Projet betreffend Realisatioun vun engem synthetesch Fussballs-Trainingsterrain

Des zousätzlech Terrainen hu misse vun der Gemeng opkapt ginn, fir de Konditiounen nozekommen déi verlaangt goufe fir d'Autorisatioun fir den besotene Projet vum Ëmweltministère ze kréien. Et geet drëms Terrainen ze kafen am Kader vu kompensatoreschen Moossname vun 364 Ar zu engem Gesamtpräis vun 100.030,0€. Des Propriétéite bestinn deels aus Bëscher, deels aus Wisen. Nodeems de Compromis Ufanks Joers ugehall gi war, muss lo den Verkafsakt dem Gemengerot ënnerbreet ginn. Et wär méiglech vun substantielle Subsidien beim Opkaf vun deene besotene Propriétéiten ze profitéieren well et sech ëm Lännereie vun héijem ekologesche Wäert handelt déi ënnert d'Konditiounen vun europäesche Projet LIFE+ falen.

Decisioun: Den Akt gouf eestëmmeg ugehall.

4.2. Uschaffen duerch d'Gemeng vun Terrainen mat héijem ekologesche Wäert am Kader vum Programm LIFE+. Decisioun iwwert Zoustëmmen vun engem Compromis betreffend Terrainen déi der Kierchefabrik vu Betténg gehéieren, geleeën zu Dippech, lieu-dit « Im Flachsgarten »

Et gëtt proposéiert dësem Compromis betreffend de Verkauf un d'Gemeng vun Terrainen mat enger Gesamtfläch vu 564,80 Ar zoustëmmen, ëmsou méi well déi Uschafung stark subventionéiert gëtt vun der EU a vum Staat. Well et sech ëm eng Transaktioun mat der Kierchefabrik handelt, ass de Gemengerot gesetzlech verpflichtet en Avis ofzegin iwwert d'Verkafsdecisioun vun dëser Organisatioun. An der Optik vun enger administrativer Vereinfachung, gëtt virgeschloen sech elo schonn positiv zu dëser Transaktioun auszesprechen, fir eng nei Decisioun an noer Zukunft ze vermeiden.

Decisioun: De Compromis gouf eenheetlech ugehall, an engens huet de Gemengerot e favorabelen Avis géigeniwwer der Kierchefabrik ausgesprach.

5. Conventiounen

5.1. Conventioun tëscht dem lëtzebuerger Staat, ënnerstëtzt vun der CFL an der Dippecher Gemeng betreffend zur Verfügungstellen vun engem Eisbunnsterrain fir d'Schafe vun enger Spillplaz « Boltzplaz »

Am Kader vun der Realisatioun vun enger Spillplaz, « Boltzplaz » zu Betténg laanscht « rue de la gare » stellt CFL der Gemeng en Deel vum Terrain zur Verfügung zu engem järeleche Präis vu 400,00€. De Schäfferot proposéiert dem Gemengerot enger Conventioun zoustëmmen, déi tëscht der Dippecher Gemeng an dem lëtzebuerger Staat, a Präsenz vun der CFL, dës zur Verfügungstellung souwéi déi ausgemachte Konditiounen festhält.

Decisioun: D'Conventioun ass eestëmmeg ugehall ginn.

5.2. Pachtvertrag tëscht der Dippecher Gemeng an der Post betreffend dem zur Verfügungstellen vun engem Lokal zwecks Ënnerbréngung vun enger Antenn an den Lokalitéiten vun der Dippecher Gemeng zu Schuller – Decisioun betreffend d'Zoustëmmung vun enger neier Conventioun nom Oflaf vun der aler Conventioun

Am Joer 2007 hat Dippecher Gemeng en Pachtvertrag mat der Post ënnerschriwwen, betreffend d'zur Verfügungstellen vun enger Plaz am Gebai vun der Dippecher Gemeng fir d'Opstelle vun enger Antenn am Kader vum mobilen Telefonsnetz, dest géint Bezuele vun enger järelecher Kommissioun vun 3.000€ mat der Post. Dëse Kontrakt leeft den 31. Oktober 2012 of. Well d'Antenn weiderhin op der Plaz bestoe bleift, muss en neie Pachtvertrag ënnerschriwwen gi fir des Conventioun ze verlängeren, weiderhin duerch Bezuele vun engem järelechen Loyer vun 3.000€. Dëst Dokument dat ni deene finanziellen Aspekter och verschidden aner Ausféierungsbestëmmungen huet, gëtt dem Gemengerot zur Ofstëmmung virgeluecht. Dës Antenn garantéiert eng besser Ofdeckung vum mobilen Telefonsnetz.

Decisioun: D'Conventioun ass eestëmmeg ugehall ginn.

6. Gemengereglement betreffend Festleeën vun enger Tax déi ze bezuelen ass vun all deenen déi um Sportskurs « Zumba » deelhuefen, dee vun der Gemeng organiséiert gëtt



GEMENGEROT

Bericht vun der Sëtzung vum 10. Oktober 2012

D'Gemeng organiséiert en Sportsours « Zumba » a proposéiert vun all deenen déi deelhuefen eng trimesterell Cotisation vu 25€ anzezéien.

Decisioun: Di trimesterell Cotisation ass eestëmmeg ugeholl ginn.

7. Modifizéierung vum Budget 2012

7.1. Modifizéierung vum ordinäre Budget 2012

- Nei Recetten, resp. manner Ausgaben: 59.700€ (Proposition)
- Nei Ausgaben, resp. manner Recetten: 44.318,44€ (Proposition)

Decisioun: D'Ännerunge goufen eestëmmeg ugeholl.

7.1. Modifizéierung vum den aussergewöhnlechen Ausgabe vum Budget 2012: Schafe vun engem neie Budgetartikel mat Zoudeeling vun engem Kredit betreffend en Subside vum Staat am Kader vum Chantier a Relatioun mam Aménagement vun neie Kollektoren déi bei d'Kläranlag op Schëffleng féieren, un welscher d'Dippecher Gemeng sech bedeelegt

E staatleche Subsid ass un d'Gemeng iwwerwise ginn am Kader vun dem uewen ernimmte Chantier, obwuel kee Budgetartikel an dem Sënn virgesi war. Et muss lo esou en zousätzleche Budgetartikel geschaaft ginn, den folgendermoosse libelléiert gëtt: « 1/07331440/004 Staats-subsid betreffend de Chantier: Aménagement vun neie Kollektoren déi bei d'Kläranlag zu Schëffleng féieren » an do den iwwerwisene Subside vun 9.948,56€ anzedroen.

Decisioun: D'Schafe vun engem neie Budgetartikel an d'Zoudeeling vum Kredit ass eestëmmeg ugeholl ginn.

8. Ufroer vun der Gemeng Kärch, Waldbelleg an Schieren fir als nei Membere kennen dem interkommunalen Syndikat SIGI bäizetrieden

Déi aktuell Gesetzgebung gesäit vir, dass all Gemengerot vun enger syndikierter Gemeng, ofstëmme muss iwwert d'Bäitriede vun enger neier Gemeng an den Syndikat. Dippecher Gemeng muss eng Stellung huele betreffend d'Bäitriede an den SIGI vun der Gemeng Kärch, Waldbelleg an Schieren.

Decisioun: De Gemengerot gëtt seng eestëmmeg Zoustëmmung.

9. De Schäfferot huet eng dringend zäitlech begrenzte Verkéiersregelung agefouert am Zesammenhang mat Gasleitungen déi zu

Schuller, an der J.-G. Kremer-Strooss verluecht ginn. Bestätegung.

De Schäfferot hat en dringend zäitlech begrenztent Reglement agefouert, dat besot huet dass et deelweis verbuede war an der J. – G. Kremer-Strooss ze parken, bedéngt duerch e Chantier wou Gasleitungen verluecht gi sinn. De Gemengerot muss dëst Reglement confirméieren, soss géif et direkt hifälleg ginn.

Decisioun: D'Verkéisungsregelung gëtt eestëmmeg bestätegt.

10. Festleeë vum den Indemnitéiten déi fir d'Volkszählung vum 15 Oktober 2012 ausbezuelte ginn

De Schäfferot proposéiert eng Indemnitéit vun 1,50€ pro Vollekszielungsblatt pro Stot an 100€ fir d' Kontroll vun der Volkszählung, genau esou wei et an deene vergaange Joeren war.

Decisioun: D'Propose ass eestëmmeg ugeholl ginn.

11. Matdeelung un den Gemengerot vun enger Ännerung an der Zesummesetzung vum Schäfferot.

Den Här Ady Hahn deelt dem Gemengerot mat, datt hien den 1. Oktober 2012 dem Grand-Duc seng Demission als Buergermeeschter agereecht huet. Hie mécht e Réckbléck op all déi Joere wou hien als Techniker, Conseiller a Buergermeeschter op der Gemeng aktiv war an hie seet de Gewielten an dem Personal Merci fir hir Ënnerstëtzung.

Méi doriwwer an der Annexe (op der Säit 4 an dësem Gemeindebuet), wou de Buergermeeschter sech an deem Kontext un alleguer d'Awunner aus der Gemeng richt.

C) Geheimsëtzung

1. De Gemengerot muss eng Propose ennerbréeden wat d'Ersetze vum austriedenden Schäfferots-Member ugeet.

Decisioun: Beim geheime Vote huet den Gemengerot d'Madame Manon BEI-ROLLER als Kandidat proposéiert vir als Nofolgerin vum aktueller Buergermeeschter vum Grand-Duc nominéiert ze ginn.

B) Öffentlech Sitzung

1. Verschiddenes

Näischt

De Buergermeeschter mécht d'Sitzung zou.

RétrospectiveChantiers accomplisRückbléckOfgeschlossene Chantieren

LIEU	TRAVAUX EFFECTUÉS
rue des Tisserands, Schouweiler	• Raccordements gaz • Pose réseau P&T • Candélabres avec éclairage LED • Bordures • Revêtement de la chaussée
rue Kremer, Schouweiler	• Raccordement de 6 maisons au réseau du gaz
rue Nic Calmes, Sprinkange	• Revêtement de la chaussée • Trottoir • Raccordements gaz • Canalisation • Candélabres avec éclairage LED • Eau potable • Pose réseau P&T • CREOS
route des 3 Cantons Encoche "op der Koescht" Bettange-sur-Mess	• Raccordements gaz • Pose réseau P&T • Revêtement de la chaussée
place de l'Eglise, Sprinkange	• Remplacement de la graine de meuse par du pavé
Eglise, Dippach	• Nouvelle chaudière à condensation avec radiateurs
Dippach	• Adaptation de la crèche 'Kannernascht' pour accueillir les enfants de 0 à 4 ans • Réaménagement des escaliers donnant sur la rue Centrale près de la crèche
Site scolaire, Schouweiler	• Mise en conformité et optimisation énergétique de l'école préscolaire (nouvelles fenêtres, façade isolante et ventilation décentralisée) • Mise en conformité de la maison des jeunes (nouvelles fenêtres avec stores intégrés) • Nouvelles installations sanitaires dans l'école fondamentale

Rétrospective Jumelage Landiras

Réckbléck Jumelage Landiras



26 - 29 mai 2012 | Au programme du jumelage à Landiras figurait cette année une grillade, un dîner au Château de Landiras, une visite du quartier ostréicole de Piraillan, une dégustation d'huîtres au bassin d'Arcachon, une traversée en bateau du Cap-Ferret vers Arcachon avec ensuite une promenade en train autour d'Arcachon.

En 2013 nous célébrerons le 40^e anniversaire du jumelage. Nous vous invitons dès à présent à participer aux festivités prévues pour le weekend du 17 au 19 mai 2013.

26. - 29. Mee 2012 | Um Programm vum Jumelage zu Landiras stoungen dëst Joer e Grillfest, en Ovesiessen um Schloss vu Landiras, eng Visite vum Austerevéierel vu Piraillan, eng Degustatioun vun Austeren am Bassin d'Arcachon, eng Bootsfaart vum Cap-Ferret op Arcachon mat enger uschlëssender Besichtigung vun Arcachon mam Zuch.

2013 feiere mir de 40. Gebuertsdag vum Jumelage. Mir invitéierenlech elo schonn vir un de Festivitéiten déi vir de Weekend vum 17. op den 19. Mee 2013 geplangt sinn, deelzehuelen.



@2012 Jean-Michel Richard

Rétrospective Recyclage



17 octobre 2012 | Arrivée des premières poubelles bleues et brunes
17. Oktober 2012 | Di éischt blo a brong Dreckschëchte kommen un

Nous tenons à vous rappeler qu'en début janvier, les containers publics, placés à différents endroits de notre commune, pour le recyclage du verre et du papier seront définitivement enlevés.



Vous pouvez toujours passer commandes pour les poubelles bleues et brunes en vue du ramassage porte à porte (le formulaire est disponible à la mairie et sur le site internet). Les temps de livraison sont actuellement de 4 à 6 semaines.

Mir wëllen Iech drun erënneren dat Ufank Januar di ëffentlech Containeren, di op verschidde Plazen an eiser Gemeng opgestallt si, fir de Recyclage vu Glas a Pabeier definitiv ewech geholl ginn.

Dir kënnt nach ëmmer blo a brong Dreckschëchte fir Dier zu Dier Sammlung bestellen (de Formulaire krit dir op der Gemeng an um Internetsite). D'Liwwerzäite sinn aktuell bei 4 bis 6 Wochen.

Octobre 2012 | Ouverture du Eco Center à Bascharage
Oktober 2012 | Ouverture vum Eco Center zu Käerjeng



Rétrospective Journée de l'arbre

Réckbléck Dag vum Bam



8 & 10 novembre 2012 | Dans la cité Galgenberg à Dippach 4 arbres aux haricots ont été plantés pour les nouveaux nés de la commune et à Schouweiler derrière le cimetière, les enfants de la classe de Monsieur Claude Calmes (cycle 3.2) ont planté 10 arbres fruitiers.

8. & 10. November 2012 | An der Cité Galgenberg zu Dippach sinn 4 Trompetebeem vir di Neigebueren aus der Gemeng geplantz ginn an zu Schuller hannert dem Kierfeg hunn d'Kanner aus dem Här Claude Calmes senger Klass (Zykle 3.2) 10 Uebstbeem gesat.



Rétrospective Remise du mérite sportif

Réckbléck Sportleréierung



16 novembre 2012 | Lors de la cérémonie de la remise du mérite sportif, la commission des sports de la commune de Dippach a honoré les performances sportives et pour la première fois aussi les bénévoles qui sont indispensables pour le bon fonctionnement de chaque association sportive. La soirée a été accompagnée par les Zumbachicas qui ont présentés leur nouveau programme en première devant un public.

16. November 2012 | Während der Ceremonie vun der Sportleréierung, huet d'Sportskommissioun vun der Gemeng Dippech di sportlech Leeschtungen an och fir d'éichte Kéier de Bénévolat, deen onabdingbar ass fir de gudde Fonctionnement vun all Sportsclub, geéiert. Den Owend gouf begleet vun den Zumbachicas déi hire néie Programm fir d'éichte Kéier firu Publikum présentéiert hunn.

SPORTIFS MÉRITANTS

ASSOCIATIONS		SPORTIFS INDIVIDUELS
Union Cycliste Dippech - LAMESCH Pit - GREMLING Luke - MORANG Mil - GREMLING Nik - KOCKELMANN Mathieu - WIRTH Nick - GILLES Max - LAMESCH Mika - KOCKELMANN Elisa - PARROTTA Tristan - HEIDERSCHIED Colin - WIRTGEN Luc - WIRTGEN Tom - KLEIN David - BRAUN Christophe - BIEWER Max - MORABITO Massimo - KIRSCH Alex - JUNGELS Bob - DIDIER Laurent		- WEGENER Pit (Deschtennis) - KIRSCH Francis (Marche)
Deschtennis Schuller - FERNANDES Bruno - FERNANDES Daniel - LUTZ Theo - BERMES Pit - FEIEREISEN Luc - FEIEREISEN Gil - RUGOVA Donat Bettener Reitclub - BRANDENBURGER Ricky - SCHOUMACHER Laura		BÉNÉVOLS - STREICHER Raymond (Tennis Club Dippech) - JANSSEN Marc (Bettener Reitclub) - SCHAEDGEN Roger (Deschtennis Schuller)

Rétrospective

St Nicolas / Fête des retraités



1 décembre 2012 | Fête des retraités
1. Dezember 2012 | Rentnerfeier

Réckbléck

Kleeschen / Rentnerfeier



2 décembre 2012 | Fête du St Nicolas
2. Dezember 2012 | Kleeserchersfeier



ActualitéChangement au conseil communal

30 novembre 2012 | Suite à la démission de Monsieur Ady Hahn en tant que bourgmestre et conseiller de la commune de Dippach, Monsieur Philippe Meyers a été assermenté en tant que conseiller communal.

30. Novembre 2012 | No der Demissioun vum Här Ady Hahn als Buergermeeschter a Konselljee vun der Gemeng Dippech ass den Här Philippe Meyers als Gemeengekonselljee vereedeegt ginn.

AktuellesÄnnerung am Gemengerot

LSAP

PHILIPPE
MEYERS

39 ans
Fonctionnaire
communal

COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

LSAP

DP

LSAP

MANON ROLLER-BEI
Bourgmestre



MAX HAHN
1^{er} échevin



ROMAIN HAAS
2^e échevin



CONSEILLERS

DP

LSAP

ARSÈNE BERGER



GASTON BRAUN



CONSEILLERS

LSAP

CSV

JEAN-PAUL BLESER



PHILIPPE MEYERS



CLAUDE BOSSELER



CARLO NEU



ARMAND KARIGER



BENOÎT THEISEN





Calendrier des manifestations

Manifestatiounskalenner

QUAND	QUOI	OU	QUI	CONTACT
26 décembre 2012 18h30	Soirée	Home St. Joseph Schouweiler	Schuller Fénkelcher et la Chorale Ste Cecile	661 37 05 57 mheintz@web.de
19 janvier 2013 19h00	Fondusowend	Salle de fête du terrain de football Schouweiler	FC Schuller	
27 janvier 2013 15h00	Concert sous la direction du componiste Jan van der Roost	Eglise Schouweiler	Ecole de Musique Kœrjeng Comm. culturelle Dippach	
1 février 2013 20h00	Bayreschen Owend	Centre Culturel Dippach	FC Schuller	
3 février 2013	Kannerfuesbal	Centre Culturel Dippach	A.P.E.E.F.	
9 février 2013	Fuesaktioun (Verkaf vu Fueskichelcher)	Commune de Dippach	Fanfare Schouweiler-Sprinkange	
16 février 2013	Buergbrennen	Hall sapeurs-pompiers Dippach	Dippecher Pompjeeën	
17 février 2013	Buergbrennen	Home Scouts Schouweiler	Dippecher Dachsen	
17 février 2013 16h00	Buergbrennen	Bettange-sur-Mess	Bettenger Pompjeeën	
24 février 2013	Festivités du 25^{ème} anniversaire de la section locale de la Croix-Rouge	Eglise Schouweiler	Section locale de la Croix-Rouge	
2 mars 2013 20h00	Filmowend	Centre Culturel Dippach	Euro Ciné Dippach	
2 & 3 mars 2013	Theater mat de Rappdeckelen	Home St. Joseph Schouweiler	FC Schuller	
3 mars 2013 19h30	Filmowend	Centre Culturel Bettange-sur-Mess	Euro Ciné Dippach	
9 mars 2013 16h00	Concert de Bienfaisance	Salle de musique Schouweiler	Fanfare Schouweiler-Sprinkange	
10 mars 2013 15h30	Bimbotheater	Centre Culturel N. Sassel Bettange-sur-Mess	Comm. culturelle Dippach	
16 mars 2013	Grouss Botz	Commune de Dippach		
17 mars 2013	Kaffisstuff	Centre Culturel N. Sassel Bettange-sur-Mess	Fraen a Mammen Betten op der Mess	661 455 216 mallerre@pt.lu
23 & 24 mars 2013	Courses cyclistes	Dippach	UC Dippech	
27 avril 2013 20h00	Concert-Spectacle Dullemajik	Centre Culturel Dippach	Comm. culturelle Dippach	
9 mai 2013 15h00	Café Concert	Home St. Joseph Schouweiler	Schuller Fénkelcher et la Chorale Ste Cecile	621 14 54 10
10 mai 2013	Jazz Concert	Château APHEM	Comm. culturelle Dippach	
17 - 20 mai 2013	Jumelage Landiras	Dippach	Comm. du Jumelage	
19 mai 2013	Dippech Kickt	Terrain de football Schouweiler	FC Schuller	

Des informations plus détaillées, si disponibles, seront publiées sur:
www.dippach.lu/agenda

Conditions d'enlèvement des déchets encombrants

Sont considérés comme déchets encombrants, les déchets en provenance de ménages privés, jusqu'au maximum de 2m³, qu'il est impossible d'introduire dans les poubelles ménagères en raison de leur taille, comme par exemple fauteuils, canapés, tapis, matelas,...

Sont exclus de l'évacuation des déchets encombrants:

- les déchets ménagers en sacs et cartons
- carcasses de voitures, vieux pneus
- terre et matériaux d'évacuations et de démolitions
- matières explosives, inflammables ou radioactives
- déchets problématiques notamment médicaments, huiles, piles électriques, produits chimiques, pesticides, peintures, dissolvants, détergents et autres déchets susceptibles d'être récupérés par l'action « Superdreckskescht »
- déchets industriels, commerciaux et artisanaux non-assimilés aux déchets ménagers et encombrants
- cadavres d'animaux, les matières fécales animales et humaines ainsi que les résidus de viande lorsqu'ils sont couverts par une autre législation
- déchets liquides et gazeux
- eaux usées
- déchets hospitaliers et assimilés
- déchets électroniques et électriques
- tout ce qui dépasse un volume de 2m³

D'autres informations sur la gestion des différents types de déchets sont disponibles dans la brochure 'Eco Info' qui a été distribuée à tous les ménages. Si vous n'avez pas reçu la brochure, veuillez contacter l'administration communale pour en demander une copie.

Voraussetzungen dass den Sperrmüll mitgeholt gëtt

Ginn als Sperrmüll ugesinn, Offäll bis maximal 2m³, vu private Stéit, déi vun hirer Gréisst hir net an déi normal Poubellë passen, wei zum Beispill Fautellen, Canapéen, Teppecher, Matrassen,...

Sinn ausgeschloss vum Entsueren duerch den Sperrmüll:

- Hausoffäll an Plastikstute respektiv Kartongskëschen
- Autoskarosserien, al Pneuen
- Buedem a Bauschutt
- explosiv Materialien, déi kenne brennen oder radioaktiv sinn
- problematesch Offäll, wei Medikamenter, Uelecher, elektresch Batterien, chemesch Produiten, Insekten-Vernichtungsmëttel an aner problematesch Offäll déi mussen an der "Superdreckskescht" deposéiert ginn
- Offäll aus Industrie, Handel an Handwierk, déi net kennen assimiléiert gi mat Hausoffall an Sperrmüll
- Kadavere vun Deieren, Ausscheidung vum Deieren oder Mënschen, esou wei Fleeschreschter déi duerch eng aner Gesetzgebung gehandhaabt ginn
- flësseg a gasförmeg Offäll
- Ofwaasser
- medizinesch Offall oder ähnlech
- elektroneschen an elektreschen Offall
- alles wat iwwert e Volumen vun 2m³ eraus geet

Aner Informatiounen iwwert d'Gestioun vun de verschidden Offallarte sinn an der Brochure 'Eco Info', déi un all Haushalt ausgedeelt gouf, disponibel. Wann dir keng sou eng Brochure krit huet, da mëllt lech op der Gemeng fir eng Kopie ze kréien.



Conseil en énergie gratuit
de la commune

Gratis Energieberodung
van der Gemeng

Gratis rendez-vous

8002 11 90
www.myenergy.lu

myenergy
infopoint

Gemeng Dippech

Gratis Grondberodung ab dem 1.1.2013



- All Informatiounen zum Thema Energie
- Rendez-vous'en op Ufro an ärer Gemeng
- Neutral a kompetent

myenergy | A partir du 1 janvier 2013, l'administration communale de Dippach offre à tous les citoyens et citoyennes un conseil gratuit sur demande en matière d'énergie.

Pour fixer un RDV veuillez téléphoner au 8002 11 90. Plus d'informations sont disponibles sur www.myenergy.lu.

myenergy | Ab dem 1. Januar bitt d'Gemeng Dippech all senge Bierger a Biergerinnen eng gratis Energieberodung un.

Fir e RDV ze huelen, rufft w-e-g op den 8002 11 90 un. Weider Informatiounen sinn op www.myenergy.lu disponibel.

myenergy
L u x e m b o u r g



MINISTÈRE DE L'ÉCONOMIE
ET DU COMMERCE EXTÉRIEUR



MINISTÈRE DU DÉVELOPPEMENT DURABLE
ET DES INFRASTRUCTURES
Département de l'environnement



PROJET
COFINANCE
PAR L'UNION
EUROPÉENNE



myenergy
infopoint

Annuaire de la commune de Dippach

MAIRIE 11, rue de l'Eglise B.P. 59
L-4994 Schouweiler L-4901 Bascharage

T: 37 95 95 1 commune@dippach.lu
F: 37 95 95 95 www.dippach.lu

Lundi, mardi et jeudi 08h00 - 12h00
14h00 - 17h00
Mercredi 07h30 - 12h00
14h00 - 17h00
Vendredi 08h00 - 12h00

**COLLÈGE DES
BOURGMESTRE
ET ÉCHEVINS** Manon BEI-ROLLER 37 95 95 21
Bourgmestre bei@dippach.lu

Max HAHN 37 95 95 22
1^{er} échevin max.hahn@dippach.lu

Romain HAAS 37 95 95 23
2^e échevin romain.haas@dippach.lu

Entrevues (sur RDV) 37 95 95 20

**GUICHET
POPULATION** Myriam BINZ 37 95 95 1
binz@dippach.lu

**GUICHET
ETAT CIVIL** Elvira MARCHESE 37 95 95 25
marchese@dippach.lu

Annick KRECKÉ-ENGEL 37 95 95 29
engel@dippach.lu

SECRÉTARIAT Claude ELSÉN 37 95 95 20
Secrétaire communal elsen@dippach.lu

Karin MORO-BINTNER 37 95 95 28
moro@dippach.lu

Claude HASTERT 37 95 95 31
hastert@dippach.lu

Anouck WEILER 37 95 95 26
weiler@dippach.lu

RECETTE Martine THEIS-ECKER 37 95 95 30
Receveur communal theis@dippach.lu

Jean MICHAELIS 37 95 95 27
michaelis@dippach.lu

**SERVICE
TECHNIQUE** Serge TANSON 37 95 95 40
tanson@dippach.lu

Dan JUNGERS 37 95 95 41
jungers@dippach.lu

OFFICE SOCIAL Rachel BONTE 37 95 95 60
Christiane WILMES 37 95 95 60

ENSEIGNEMENT Conférence 26 37 21 61

Concierge 26 37 21 50
Roby MEIS meis@dippach.lu

Hall sportif (cabine publ.) 37 86 87

Permanence en cas 661 37 95 86
d'intempéries hivernales
et de fermeture de l'école

Kannernascht 26 37 42 01
Nadine SCHANDELER

Précoce Bettange/Mess 26 37 42 10

Maison Relais 26 37 03 89

Jugendhaus 26 37 46 50

**SERVICE SOCIAL
À L'ÉCOLE** Sarah GOELHAUSEN 37 95 95 45
Permanence Mardi 09h00-11h00

**GARDE-
FORESTIER** Alain SCHOMER 45 80 83 32
621 20 21 52
alain.schomer@anf.etat.lu

URGENCES Secours d'urgence 112

Police Grand-Ducal 113
Urgences

Police Grand-Ducal 244 322 00
Bertrange

Sapeurs-pompiers 661 37 95 92
Bettange/Mess

Sapeurs-pompiers 661 37 95 93
Dippach

DIVERS Dr. Jil KOULLEN 37 84 91

Médecin Généraliste
119, route de Longwy Schouweiler

Patty CALMES-NEUEN 26 38 11 1
Kinésithérapie

9, place de l'Eglise Sprinkange

Manuel HITA CORTES 54 03 44
Kinésithérapie

76, route de Luxembourg Dippach

Pharmacie des 3 Cantons 54 03 44
Jacques CUVELIER

88, route de Longwy Schouweiler

Analyses de sang
Ecole préscolaire Schouweiler
Lundi, mercredi, vendredi 7h00 à 8h30

Den Hexemeeschter 26 37 05 76
83, rue Jean-Pierre Hilger
L-4980 Reckange-sur-Mess

Conseil en énergie 8002 11 90
Energieberodung

Permanence du service technique en cas d'urgence (canalisation, réseau d'eau...)
Bereitschaftsdéngscht vum Service Technique a Noutfäll (Kanalisation, Wasserréseau...)

37 95 95 50 (24h sur 24 - 7j sur 7)